LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 22 août 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
22 AOUT 2019

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°900 du 15 juillet 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant les trains de nuit, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n° 900 vum 15. Juli 2019 vum Här Deputéierte Marc Goergen

Mat der parlamentarescher Fro n° 900 vum 15. Juli 2019 freet den honorabelen Deputéierte Marc Goergen zousätzlech Informatiounen iwwert d'Transportalternativen déi d'Nuetszich tëscht europäesche Metropole kéint duerstelle fir de Gebrauch vum Fliger ze reduzéieren.

Am internationalen Zuchverkéier gouf et just eng Zuchverbindung tëscht Lëtzebuerg an dem Süde vu Frankräich (Nice, Port-Bou). Dësen Zuch ass regelméisseg zirkuléiert, dat heescht all Dag an der Haaptsaison vun Enn Juni bis Ufank September an a reduzéierter Form während dem Rescht vum Joer.

Zuel vun den Zich:

Joer	Lëtzebuerg -Nice	Nice- Lëtzebuerg	Lëtzebuerg -Port-Bou	Port-Bou- Lëtzebuerg	National
2013	141	139	197	191	
2014	128	135	189	157	
2015			181	151	
2016			55	58	
2017	/	/	/	/	875
2018	/	/	/	/	883

Mat der Aféierung vun den TGV Verbindungen a Richtung Marseille a Montpellier am Joer 2016, hunn d'Eisebunnsentreprisen aus wirtschaftleche Grënn entscheet d'Zirkulatioun vun de klasseschen Zich net oprecht ze erhalen. Als eng vun de Konsequenzen vun der Liberaliséierung vum internationale Voyageurstraffik ass dee leschten internationale Nuetszuch vu Lëtzebuerg aus de 26. Juni 2016 fortgefuer.

Am Allgemengen, a fir wirtschaftlech liewensfäheg ze sinn, mussen d'Nuetszich grouss Stied mat héijem Potenzial verbannen, iwwert eng laang Distanz an ouni Konkurrenz vun Héichgeschwindegkeetszich. Nuetszich mat der Hierkonft oder respektiv Terminus zu Lëtzebuerg hunn deemno wéineg Potenzial.

National Nuetszich sinn den 12. Dezember 2016 agefouert ginn.

Et zirkuléiere 4 Zich (2 pro Verkéiersrichtung) an de Nuechte vu Freideg/Samschdeg a Samschdeg/Sonndeg an den Deeg virun de Feierdeeg op de Linnen 10 Lëtzebuerg-Ëlwen a 60 Lëtzebuerg-Esch-Rodange.

Zu dëser regulärer Offer kommen nach speziell Zich dobäi, déi op de Strecke vum lëtzebuerger Eisebunnsnetz fir d'Feierlechkeete vum Nationalfeierdag souwéi fir Silvester agesat ginn.

Dës national Zich vervollstännegen d'Offer vun der CFL fir den ëffentlechen Transport, besonnesch fir déi Persounen déi sech wëllen Owes tëschent de groussen urbane Pole (Nordstad, Stad Lëtzebuerg a Belval-Université) fortbewegen an esou mat allem Konfort an a Sécherheet Heem kommen.
Trotzdem kann eng Erweiderung vun der Offer momentan net envisagéiert gi well d'Nuechten déi eenzeg grouss Periode si während dem Ënnerhaltsaarbechte kënne virgeholl ginn.